

Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un den Här Minister vum Mëttelstand weiderzeleeden.

Vill Betriber aus dem Horesca-Secteur sinn, duerch de „Lockdown“ an enger schwiereger finanzieller Situatioun. Et riskéiert zu engem massive Verloscht vun Aarbechtsplazen an zu sëllege Faillitten ze kommen.

Fir datt dem Secteur kuerzfristeg gehollef ka ginn huet d'ADR an der Chamber verlaangt datt d'TVA um alkoholesche Gedrénks vu 17 op 3% erfgeet, esou wéi dat nach virun e puer Joer de Fall war. Och vun enger Rei Acteuren aus dem Horesca-Secteur ass et dës dréngend Fuerderung fir esou hir gréisser finanziell Verloschter, wéinstens zu engem Deel, nees opzefänken.

An deem Kontext géif ech gär folgend Fro un d'Regierung stellen:

1. Plangt d'Regierung eng Baisse vun der TVA um alkoholesche Gedrénks fir d'Acteuren aus dem Horesca-Secteur?
2. Envisagéiert d'Regierung fir dës TVA vu 17 op 3% erfzesetzen?

Mat déiwem Respekt,



Roy Reding  
Deputéierten